



Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4212 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler iwwer den Accueil vu Fraen an den ONA-Strukturen.

1. *Wéi eng Renovatiouns-, Sanéierungs-, a Verbesserungsuarbechte sinn zënter der Visitt am Februar 2026 an der Struktur zu Zolwer, a besonnesch am Fraendortoir, duerchgefouert ginn?*
2. *Wéi héich wuären d'Käschte vun dësen Uarbechten a wéi eng konkret Verbesserung goufen am Beräich vun der Hygiène, der Sécherheet, der Privatsphär an dem Wuelbefanne vun dëse Bewunnerinnen ëmgesat?*

Fir d'éischt ass ze soen, dass den Dortoir zu Zolwer säit 2021 bestoung. Fir d'Privatsphär vun den Awunnerinne weider ze stäerken huet den ONA de Fraendortoir entretemps ëmgebaut an a 5 Zëmmere mat insgesamt 14 Better, an an een Openthaltsraum ënnerdeelt.

Mam Zil e beschtméiglechen Accueil ze garantéieren féiert den ONA um lafende Band Reparatiouns- a Verbesserungsuarbechten a sengen Strukturen duerch. An der Struktur zu Zolwer goufe respektiv ginn aktuell verschidde Renovatiounsuarbechten am Beräich vun de Kichen an de Sanitäreanlagen duerchgefouert. Déi uewe genannten Aarbechte belafen sech op e Gesamtmontant vun 133.000 Euro.

3. *Wéi vill vun de Fraen, déi zum Zäitpunkt vun der Visitt am Dortoir zu Zolwer ënnerbruecht wuären, konnten zënterhier an eng aner Struktur oder an e méi ugepassten Ënnerdaach relogéiert ginn?*

Vun de 25 Fraen, déi zum Zäitpunkt vun der Visitt am Dortoir zu Zolwer ënnerbruecht waren, sinn der aktuell nach 14 do. Et sinn zënterhier 6 Fraen relogéiert ginn, während 5 Fraen den ONA Réseau ganz verlooss hunn.

4. *Kann den Här Minister eng Opdeelung vun de Bewunnerinnen aus dem Dortoir no Alter, Nationalitéit, Statut an Dauer vum Openthalt virleeën?*

Déi 14 Fraen déi aktuell nach am Dortoir sinn, stamen alleguer aus Eritrea an si Bénéficiaires de Protection Internationale (BPI). Déi 14 Fraen sinn tëschen 22 an 34 Joer al an alleguer iwwer 1 Joer beim ONA.

5. *No wéi engem Zäitplang gedenkt d'Regierung d'Recommandatioune vum Audit vun der IGF iwwert d'ONA-Strukturen ëmzesetzen?*

À ce stade huet den ONA en interne Groupe de Travail opgestallt fir all d'Recommandatiounen vun der IGF ze analyséieren an koordinéiert ëmzesetzen. Dës Analyse geschitt an enger Zesummenaarbecht mat alle betraffene Partner. Donieft gouf am ONA och eng Task-force opgesat fir déi Aktiounen z'identifizéieren, déi relativ zäitno kënnen realiséiert ginn. Wéi an der Familljekommissioun vum 5. Oktober preziséiert, sinn entretemps och schonn eng ganz Partie Recommandatiounen ëmgesat ginn.



Schliisslech ass ze soen, dass d'Ëmsetzung vun de Recommandatioune vum Audit zu den zentrale Missiounen vum neien ONA-Direkter gehéiert, dee säi Posten op den 1. Januar 2027 untrëtt.

6. *Wéi eng strukturell Mesurë wäert d'Regierung ergräifen, fir an Zukunft ze verhënneren, dass Fraen oder aner vulnerabel Persounen während längerer Zäit a groussen Dortoiren ënnerbruecht ginn?*

Wéi beschriwwen, bestoung den Dortoir zu Zolwer scho säit 2021. Allgemeng kuckt den ONA, dass all Struktur déi nei an de Réseau kënnt, den europäesche Recommandatioune vun maximal 6 Persounen pro Kummer entsprécht, dat souwuel bei de Modulbauten, déi de Staat selwer baut, ewéi och bei temporär zur Verfügung gestallte Strukturen.

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn